PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Gesetzesprojet 7514

Lëtzebuerg, den 22/12/2022

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- Gemengerotssitzunge sinn nom Prinzip vum Artikel 21 vum Gemengegesetz alle Biergerinnen a Bierger ëffentlech zougänglech;
- d'Ëffentlechkeet an d'Transparenz stäerken d'Demokratie an d'Unerkennung vun den demokrateschen a rechtsstaatlechen Institutiounen, well d'Bierger d'Decisioune vun hire Volleksvertrieder novollzéien an och a Fro stelle kënnen;
- Ëffentlechkeet an Transparenz stäerken d'Vertraue vun de Bierger an d'politesch Decisiounen an hëllefe géint d'Verbreede vun Desinformatioun;
- D'Ëffentlechkeet an d'Transparenz vu Gemengerotssitzungen si verbesserungswierdeg, well d'Sitzungen oft wärend de regulären Aarbechtszäite vu ville Biergerinnen a Bierger stattfannen, d'Bierger sech zu där Zäit physesch an d'Gemeng deplacéiere mussen an dofir Congé missten huelen an och, well d'Plazen am Sall vum Gemengerot limitéiert sinn;
- Den Internet ass ee Mëttel, deen als Bréck tëschent de Bierger an der Politik ka genotzt ginn a verschidde Gemenge bidden op där Basis eng Live-Iwwerdroung vun hire Gemengerotssitzungen am Videoformat un, déi nom Ofschloss vun der Sitzung integral um Internetsite vun der Gemeng ze fannen ass;

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. eng Dispositioun anzeféieren, déi d'Live-Iwwerdroung vu Gemengerotssitzunge souwéi d'Publikatioun vun de Sitzungen um Internetsitte vun der Gemeng am Toun- oder Videoformat obligatoresch mécht.